adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
14 MAI 2018
3814

Här Mars di Bartolomeo

President vun der

Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14. Mee 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Froen un den Här Verdeedegungsminister weiderzeleeden.

Well anscheinend net genuch operationell Dingoen zur Verfügung stinn, muss de Lëtzebuerger Detachement a Litauen zum Deel op Charroi a Waffestatiounen zréckgräifen, déi schonn ausgemustert waren. Dëst bréngt ënner anerem logistesch a Formatiounsproblemer mat sech.

Dowéinst wollt ech dem Här Verdeedegungsminister dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister confirméieren, datt d'Arméi muss op al Ween an Equipementer zréck gräife fir hir Missiounen ze erfëllen?
2. Wéi ass déi aktuell Situatioun wat d'Dingoen ugeet? Wéivill sinn der am Asaz a wéivill sinn der iwwerhaapt operationell? Wat mécht d'Regierung fir d'Zuel vun den operationellen Dingoen an d'Luucht ze setzen?
3. Wéi eng Konsequenzen hunn dës Problemer bei den Dingoen op déi zukünfteg Akafspolitik vun der Arméi beim Charroi?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 14 mai 2018

Objet : Question parlementaire n° 3814 du 14.05.2018 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser - Équipement de l'Armée luxembourgeoise

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Mars Di Bartolomeo
Président de la Chambre des Députés